Lycée de Garçons
Esch-sur-Alzette

# Cours facultatifs 2024/25

## Den Atelier

(Léier nei Technike kennen, expérimentéier an huel der en Abléck an d'Kënschtlerliewen; schaffe wéi a mat Kënschtler)

**Titulaires du cours:** Nathalie Schmitz/ Sarah Sonnetti


**Horaires:** Mercredi, 14h25 – 16h10

**Salle:** 1045 (Salle 3/ Salle 4)

**Nombre maximal d'élèves :** 12

### Finalités et objectifs de l'option:

Dëse Cours wëll de Schüler e méi déiwen Abléck an d'Konschthandwierk (Gravure a Keramik) ginn an dat andeems si sech mat de ville Méiglechkeete vun dësen Techniken ausernanersetzen. Dobäi kréien si och d'Geleeënheet sech mat lëtzebuergesche Kënschtler auszetauschen. An enger schnelllieweger digitaler Welt wou d'kënschtlech Intelligenz Villes iwwerhëlt ass et wichteg seng eegen Iddien a Konzepter ëmzesetzen a säi Produkt ze realiséieren.




### Programme:

De Schüler léiert wéi vill Méiglechkeeten engem d'Gravure an d'Keramik bidden an déi ënnerschiddlech Grondtechniken fir dës Konschthandwierker auszeüben. (Keramik: Modelléieren, Daumentechnik, Plattentechnik, Wulstechnik, Glasur, Brennen, Gravure: Drécken mat Rhenalon, Tetrapak, …) Am Laf vum Joer kritt de Schüler d'Méiglechkeet mat Kënschtler aus dëse Beräicher a Kontakt ze kommen a vun deen hirem Wëssen an hiren Erfarungen ze léieren.

Kënschtler: Isabelle Lutz, Florence Everling, Philippe Konsbruck, Anni Mertens

**Méthodologie, déroulement:**

Nierft dem technesche Volet geet et och ëm den artisteschen Deel an ëm déi eege Kreatiounen. Des Optioun baséiert haaptsächlech op prakteschem Schaffen an Experimentéiere fir perséinlech Iddien zum Ausdrock ze bréngen.

**Public cible:**

Fir Schüler, déi op eng Konschtschoul wëlle goen ass et sécher e Plus, Kenntnisser an de verschiddene Konschthandwierker ze hunn.

**Equipement requis:**

D'Material gëtt dem Schüler am Cours ausgedeelt.



